
FEBRUAR 2024 #75

DE REGIONALMAGAZINE VUM WËLLE WESTEN

# SYNERGIE



## ALL TOGETHER

### SANGT MAT AM INKLUSIVE CHOUER AM WËLLE WESTEN!

MOT MYSTÈRE

**GEWANNT 4 X 1 NUECHT AM GREEN & BREAKFAST ZU NIDDERPALLEN**

SERIE-KLIMASCHÄFFEN

**INTERVIEW MAM KLIMASCHÄFFEN FERNAND MULLER GEMENG PRÉIZERDAUL**

KANTON RÉIDEN ENERGIE

**DEN EEGE PRODUZÉIERTE SOLAR-STROUM SELWER NOTZEN - WÉI GEET DAT?**

# ALL TOGETHER: SANGT MAT AM INKLUSIVE CHOUER AN ÄRER REGIOUN!

## *ALL TOGETHER: PARTICIPEZ À LA CHORALE INCLUSIVE*

**2024 steet fir d'Fondation EME, déi viru 15 Joer als Initiativ vun der Philharmonie Lëtzebuerg gegrënnt gouf a sech fir d'Inklusioun duerch Musek asetzt, ganz am Zeeche vum gemeinsame Sangen. Des Lëtzebuerger Fondatioun organiséiert alldeeglech musikalesch Projete fir eeler oder sozial benodeelegt Leit a Mënsche mat Krankheet oder Beanträchtegungen. Am Kader vun hirem 15. Anniversaire stellt d'Fondation EME elo begeeschtert de Projet „All Together" vir. Dëse Projet huet als Zil, d'Awunner an de verschiddene Regioune vum Land ronderëm d'Musek zesummenzebréngen, an domat Inklusioun an Diversitéit an de Gemengen ze fërderen.**

***La Fondation EME, créée il y a 15 ans sur initiative de la Philharmonie Luxembourg, œuvre inlassablement pour promouvoir l'inclusion à travers la musique. Son objectif principal est de lutter pour le droit universel à la culture. La Fondation EME organise des projets musicaux dédiés aux personnes âgées ou socialement défavorisées, ainsi qu'aux personnes malades ou handicapées. Dans le cadre des célébrations de son 15e anniversaire, la Fondation EME présente avec enthousiasme le projet « All Together ». Ce projet vise à réunir les habitants des différentes régions du pays autour de la musique, favorisant ainsi l'inclusion et la diversité au sein de la communauté.***



**D'Prouwe (20.02, 05.03, 19.03, 26.03, 09.04, 23.04, 07.05, 21.05, 04.06) sinn all Dënschden vu 16h30-18h00 bei Op der Schock zu Réiden. Umeldungen iwwer: www.alltogether.lu**

***Les répétitions (20.02, 05.03, 19.03, 26.03, 09.04, 23.04, 07.05, 21.05, 04.06) auront lieu tous les mardis de 16h30-18h00 à Op der Schock à Redange. Inscriptions par : www.alltogether.lu***

**contact@fondation-eme.lu**
**T 26 02 27 430**



De Projet „All together" organiséiert inklusiv Chéier, verdeelt duerch d'Land a verschiddenen Institutiounen, dorënner och am Kanton Réiden bei Op der Schock asbl.

All Chouer studéiert ënner professioneller Leedung an der Begleedung vu Museker.innen iwwer 10 Prouwe Lidder an, déi bei engem Ofschlossconcert virum Summer an der Regioun an engem weidere, grousse Concert, zesummen am Grupp mat alle Chéier aus dem Land, de 6. Juli op der Kinnekswiss an der Stad presentéiert ginn.

D'Prouwe si fir jiddereen op: All Mënsch, dee Loscht huet ze sangen, ass bei dësem eenzegaartege musikaleschen Erliefnis wëllkomm! Et brauch ee keng gesanglech Virkenntnesser fir matzemaachen, d'Ateliere si fir all Niveau op. Dat éischt Zil ass d'Freed um Sangen ze deelen an nei Frëndschaften ze schléissen.

Op den Internetsäite www.alltogether.lu a aw.leader.lu fannt Dir all néideg Informatioune mam genauen Zäitplang vum Chouer an de Prouwen an d'Méiglechkeet fir sech unzemellen. D'Prouwe fänken Enn Februar un.

D'Participatioun un de Concerten ass net obligatoresch; all Participant hutt och d'Méiglechkeet einfach bei de Prouwe matzemaachen. D'Ambitioun ass d'Mënschen duerch d'Kraaft vun der Musek zesummenzebréngen an eng beräicherend Erfarung fir jiddereen ze schafen.

Fir d'Fondation EME ass et immens wichteg Leit zesummenzebréngen, an dofir invitéiere mir Iech ganz häerzlech op d'Prouwe vum Chouer an Ärer Regioun a freeën eis mat Iech ze sangen! Zesumme loosse mer d'Melodie vun der Inklusioun an der Diversitéit am Weste vum Land erklëngen!

D'Fondation EME seet der Regioun LEADER Wëlle Westen villmools Merci fir hir Ënnerstëtzung vun dësem Projet.

*Le projet « All Together » organise plusieurs chorales inclusives réparties à travers tout le pays dans diverses institutions, par exemple dans le canton de Redange chez Op der Schock asbl.*

*Sous la direction de professionnels et accompagné de musiciens, chaque chœur préparera le même programme au cours d'une dizaine de répétitions. Le choeur clôturera sa saison 2024 lors d'un concert dans la région et d'un grand concert qui rassemblera tous les participants des chœurs du pays, le 6 juillet à Luxembourg-Ville à la Kinnekswiss.*

*Les répétitions sont ouvertes à tous : chaque personne qui aime chanter est la bienvenue lors de cette expérience musicale unique ! Aucune expérience en chant n'est requise pour participer, les ateliers sont ouverts à tous les niveaux de compétence musicale. Le premier objectif étant de partager la joie de chanter et se faire de nouveaux amis.*

*Vous trouverez toutes les informations nécessaires sur les sites www.alltogether.lu et aw.leader.lu, y compris les plannings exacts et les détails d'inscriptions. Les répétitions commencent fin février.*

*En outre, il est important de souligner que la participation aux concerts n'est pas obligatoire. Vous avez également la possibilité de rejoindre simplement les répétitions. L'ambition est de connecter les gens à travers le pouvoir de la musique, faisant ainsi de ce projet une expérience enrichissante pour tous.*

*Il est essentiel pour la Fondation EME de rassembler les gens, et c'est pourquoi elle invite chaleureusement à rejoindre les répétitions des chorales dans votre région et a hâte de chanter avec vous ! Résonnons ensemble la mélodie de l'inclusion et de la diversité dans l'ouest du pays !*

*La Fondation EME tient à remercier la région LEADER Wëlle Westen pour son précieux soutien de ce projet.*



***Rejoignez la célébration et faites don de votre iPad / tablette inutilisé !***

***Alors que la Fondation EME célèbre 15 années incroyables avec le projet « All Together », nous faisons appel à vous pour nous aider. Votre don d'iPad permettra d'outiller les chefs de chœur, nous aidant à suivre les progrès, recueillir des commentaires et partager des mises à jour en temps réel sur l'unité que nous créons. Votre iPad inutilisé peut être la clé pour créer une belle musique et des souvenirs durables.***

***Envoyez-nous un message direct pour contribuer au succès du 15e anniversaire de la Fondation EME !***

Fondation EME 15 JOER

LEADER WËLLE WESTEN

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

KANTON RÉIDEN

**LEADER WËLLE WESTEN**
43, Grand-rue
L-8510 Redange
T 28 334-920
wellewesten@leader.lu
www.aw.leader.lu